## MARIA NEU-SCHWAB

# „Am léifste géing ech muer erëm schaffe goen“

D'Maria Neu-Schwab huet 62 Joer beim selwechte Patron, der Firma Berl zu Conter, geschafft. Si ass am Juli 2018 mat 79 Joer a Pensioun gaang. Den RBS huet sech mat hir ënnerhal, iwwert hiert Aarbechtsliewe fréier an haut a wat si motivéiert huet, esou laang dobäi ze bleiwen.



2018, zesumme mat hirem leschte Patron, dem Jacques-Edouard Herz

### Madame Neu, Berl ass net onbedéngt e Begrëff fir jiddwereen, ëm wat fir eng Firma handelt et sech hei?

Wéi ech 1956 ugefaangen hunn, gouf Berl och nach „Bettefabrik“ genannt. Si haten hire Sëtz deemools zu Zéisseng an hu metalle Miwwele gemaach wéi Schoulbänken, Better, Dëscher oder Still. Ronn 35 Leit hunn hei geschafft, am Atelier an am Bureau. Haut huet sech dëse Familljebetrib op metalle Constructiounen aus Stol, Inox oder Aluminium op Mesure spezialiséiert: Akleedunge vu Lifter, kollektiv Kichen, kleng Schief wéi d'Boites postales an der Post, asw.

### Wéi sidd Dir bei Berl komm a wat war Är Aarbecht?

Ech hunn eng 1ère commerciale um Fieldgen gemaach an direkt duerno eng Annonce an der Zeitung gesinn: „Une employée de bureau est demandée ...“. Ech war mech virstellen an hunn d'Plaz och direkt kritt. Sou hat ech nëmmen eng Woch fräi zwësche mengem Premièresexamen a mengem éischte Schaffdag.

Mir waren zu dräi an engem Bureau. Ech war fir Bureausaarbechten an en Deel vun der Comptabilitéit zoustänneg: den Telefon maachen, Commanden opschreiwen, d'Rapporten aus dem Atelier propper schreiwen an d'Paie maachen.

Deemools sinn déi ganz Buchhaltung an och d'Paien op der Hand geschriwwe ginn. D'Sue si bor ausbezuelt ginn an ech hunn am viraus missen d'Schäiner festleeën. De Patron huet mer dann e Chèque geschriwwen an ech sinn domat op d'Bank gaangen. De 15. an 25. vun all Mount gouf et en Acompte an de 5. vum nächste Mount gouf de Solde ausbezuelt. D'Paitut war eng brong Enveloppe, wou mer den Decompte virdrop geschriwwen hunn.

Ech hat eng Schreifmaschinn op mengem Dësch a mir hunn eis zu dräi eng Rechemaschinn gedeelt. No an no krute mer dunn déi éischt technesch Apparater: eng elektresch Buchungsmaschinn, en Telex an an de 70 Joren e Fax an eng Fotokopiesmaschinn.



An de fofzeger Joren

## An de fofzeger a sechzeger Jore waren d'Aarbechtskonditioune jo nach anescht ewéi haut. Wéi hutt Dir dat als Fra erlieft?

Ech hunn am Ufank nach 44 Stonnen d'Woch geschafft, vun 8 bis 12 Auer a vun 2 bis 6 Auer an och samschdes muerges. Dat éischt Joer hate mer 8 Deeg bezuelte Congé zegutt, dat zweet Joer 12 an dat drëtt 18. Wann een de Patron gewiesselt huet, huet een erëm bei 8 Deeg ugefaangen.

Deemools hunn d'Fraen och nach 10% manner verdéngt ewéi d'Männer. Beim Staat hunn d'Fraen opgehal mat schaffen, wa se bestuet gi sinn. D'Banken haten eng aner Regel, hei konnt dir weider schaffen, awer dir hutt missen all sechs Méint eng Demande maachen. A wann der da schwanger waart, hutt dir missen ophalen.


Bei eis an der Firma goufen et keng esou Regelen. Ech hu ganz normal weidergeschafft, wéi ech bestuet gi sinn an hunn awer dunn, wéi ech mäin éischt Kand erwaart hunn, vu mir aus decidéiert fir eng Paus ze maachen. Ech krut och nach en zweet Meedchen a war am ganzen aacht Joer um Stéck doheem. All déi Zäit hat ech de Kontakt mat eiser Firma gehal a war frou erëm unzefänken, am Ufank awer nëmmen hallefdeegs.

## Dir hutt vun 1956 bis 2018 geschafft, dat ass eng laang Zäit, an deeër sech vill verännert huet. Virun allem de Computer war eng Erausfuerderung fir vill Leit am Beruffsliewen. Hunn déi nei Technologien Iech keng Angscht gemaach?

Nee, am Contraire. Ech war ëmmer begeeschtert, wa mer en neien Apparat kruten an hu mech direkt domat auserneegesat.

1981 krute mir eisen éischte Computer. Dir musst Iech virstellen, dat war en Apparat an der Form vun engem grousse Frigo. Mir hunn e missen an de Raum dernieft stellen, well en esou vill Plaz gebraucht huet an och vill Kaméidi gemaach huet. Op mengem Pult hat ech e klengen Apparat stoe mat engem Schierm an engem Clavier. Den Ecran war ganz kleng, dofir war awer den Disk fir ze späicheren esou grouss ewéi eng Taart.

D'Firma, déi eis de Computer geliwwert huet, huet eis gewisen, wéi et geet. Ech war ganz interesséiert an hu mech direkt erageschafft. Et war esou flott, well elo huet een net méi missen eng ganz Säit frësch schreiwen, wann een sech vertippt hat.



A. BERL & Cie - LUXEMBOURG

BULLETIN DE PAIE

du 16 Juillet 1956 au 31 Juillet 1956 inclus

Nom: Melle Marie Schwab

| | | |
|---|---|---|
| ........ heures à ........ frs. | | |
| Traitement | 1135 | - |
| Allocation | | |
| TOTAL | 1135 | - |

RETENUES:

| | | |
|---|---|---|
| Caisse de maladie | 19 | 50 |
| ~~Vieillesse et Inval.~~ pension | 56 | 75 |
| Impôts | - | |
| Acomptes | | |
| Total frs. | 86 | 25 |

| | | |
|---|---|---|
| Total frs. | 86 | 25 |
| RESTE A PAYER | 1048 | 75 |

Vérifier à la réception

Der Madame Neu, deemools nach Maria Schwab, hiren éischte Paiziedel



2018 krut d'Maria Neu d'Auszeechnung „Chevalier de l'Ordre de Mérite du Grand-Duché de Luxembourg"

E puer Joer méi spéit krute mer dunn eis éischt PCen. Och domat sinn ech direkt eens ginn.

Wéi ech elo opgehal hunn, hu mer dat meescht online gemaach: Webbanking, d'Entréeën a Sortië vun de Marchandisen an och d'TVA.

## Wat huet Iech esou laang bei Berl gehalen?

Berl ass eng kleng Firma mat enger Ambiance wéi an enger Famill. Ech hu mech hei ëmmer wuel gefillt a sinn dofir gäre bliwwen. Ech hunn dräi Generatioune vu Patrone matgemaach, an hu mech ëmmer gutt mat alle verstanen.

Virun dräi Joer sollt ech en Neit uléiere fir op meng Plaz. Doraus ass awer näischt ginn a wéi mer dunn d'Méiglechkeet haten, fir meng jëtzeg Nofolgerin ze kréien, sot ech zum Direkter: „Gräift zou", well ech hu si kannt. Ech wosst jo net, wéi laang ech nach kéint een uléieren. Ech hunn si dräi Méint laang an d'Aarbecht ageféiert, well mëttlerweil gi Comptabilitéite fir véier verschidde Firme geféiert, an dat ass relativ komplex. Ech war dunn nach just ee bis zwee Mol d'Woch um Bureau.

Eigentlech hat ech awer scho mat 65 meng Pensioun kritt. Dat ass automatesch esou an da kënnt dir zousätzlech esou vill schaffen, wéi der wëllt. Finanziell rechent et sech net onbedéngt, well d'Pensioun an d'Gehalt gi fir d'Steieren zesummegeluecht. Dir kritt och um Enn vum Joer dat, wat der an d'Pensiounskeess abezuelt, erëm. Ech sinn awer net aus finanzielle Grënn weider schaffe gaang, mä einfach aus Spaass. An all deene Jore vun 1956 bis 2018 hunn ech och nëmme 6 Deeg krankheetshalber gefeelt.

## Elo hutt Dir Är wuelverdéngte Pensioun. Wat hutt Dir Iech fir d'Zukunft virgeholl?

Ech hu mech mat enger Frëndin zu Walfer ageschriwwen an der AEP (association de l'éducation permanente). Wann ech awer éierlech sinn: ech géing am léifste muer erëm schaffe goen. /